

"Auto"



dat heescht

A Millesch musse mueres dräi Leit ëm hallwer siwen opstoen: den Norry fir an d'Schoul, d'Mamm fir op hire Büro an de Papp fir op säin. Net grad all Mueren, well sonndes kënnen se leie bleiwen. Awer vu méindes bis samschdes ginn et Fréibiren; och samschdes, wéinst dem Norry senger Schoul. Papp a Mamm setzen den Norry da bei senger Schoul of, an si ginn duerno bis op de Maart um Knuedler, beim Wëllem sengem Päerd.

Ofgesinn dovun, datt si zu dräi an engem eenzegen Auto an d'Stad fueren, ass d'Famill Miller eng ganz normal Famill. An awer, wann een do sou géint siwen Auer mueres eng kleng Maische wier, da géif een dräi Leit erliwien, déi iergendwéi liicht dernieft sinn. Huet mol nëmmen ee vun deene leschten Deeg aus där leschter Woch, looss mer soen den Dag, dee matzen an der Mëtt vun der Woch läit, de Mëttwoch:

Der Mamm hire Wecker schellt ëm hallwer siwen. Si steet op, geet niewendrun den Norry erwächen a geet dann an d'Douche. Si léisst de Papp nach ronken, well wann si aus der Douche kënn, da brauch si Zäit, fir sech virum Spigel a Fassong ze bréngen an derfir ze suergen, datt och den Norry herno ënnert d'Leit passt. An där Zäit huet de Papp Zäit, fir och ënnert d'Douche ze klammen, well zesumme mam Norry geet d'Mamm an där Zäit de Kaffi maachen.

Dat ass all Dag sou, mä haut ass jo dee Mëttwoch, dee mer äis erausgepickt hunn. A gleeft mer es, dat wat elo kënn, ass wuel net alldeeglech, mä beileiwen net ausser der Rei.

Iwwerdeems d'Mamm haut virum Spigel extra spéit fäerdege ass, probéiert den Norry, an der Kiche Kaffi ze maachen. Iwwel gelaunt wéi meeschtens ass de Papp ënnert d'Douche getierkelt a fénnt, datt dat waarmt Waasser äiskal ass an datt et eng Éiwegkeet dauert, bis et waarm gëtt. Hie mécht et kuerz, gräift iwwerem Rausklammen nom Buedduch, rëtscht op de Plättercher aus, verstaucht sech déi riets déck Zéif a flucht wéi en ...'t ass och egal.

Hien iwwerem Undoen an d'ugedoe Mamm virum Spigel héiere wéi den Norry vun ënnena rífft, et wiere keng Filtertute méi do, hie kënn kee Kaffi maachen. De Papp wëllt erofruffen, et wieren der bestëmmt nach do, hie soll se sichen, du geet – et ass genee siwen Auer – d'Schell vun der Hausdier. Mat hallef verstauchterer décker Zéif hippt de Papp d'Trap rof, späert d'Hausdier op a léisst sech vun engem agebo-

kelte Mann kommandéieren, d'Garagepaart opzemaachen, well dee géif am Keller gären de Stroumkonsum opschreiwien.

"Wien ass do?", rífft d'Mamm vun uewenop, an den Norry äntwert am Papp senger Plaz: "Den Zählermännchen!"

Den Norry an d'Mamm – si ass lo och an der Kichen – mussen sech agestoen, datt d'Famill wierklech vergiess huet, fir eng Reserve mat Filtertuten unzeleeën, an d'Mamm seet zum Papp, deen d'Kellertrap eropgehippt kënn, 't misst haut ouni Kaffi goen, 't wier well zéng op siwen. De Papp ass nach ze midd, fir sech schonn opzereegen, erwëscht um Mantelbriet säi Mantel an hippt nees d'Kellertrap rof fir bei den Auto. Mamm a Fissi komme mat enger Banann am Grapp hannendrun, an alles klëmmt an.

De Papp wëllt starten, mä just virdu fält him an, datt hie gëschter Owend d'Autoschlësele mat opgeholl hat. "Wéinst dem Homejacking", sot en nach. Hie klëmmt nees raus, knécht nees d'Trap rop an d'Haus, an no gutt fënnf Minutten huet hien d'Schlësselen uewenop um Kicheshaf hannert enger Taass mat Pünesen, Neel a Bureausklame fonnt. Den Norry an d'Mamm soe guer näischt, a scho rullt den Auto schéi riicht aus der Garage raus. Den Auto, dat heescht de Papp, ríppt uewen awer d'Poubelle, déi hien owes rausgestallt hat, fir se haut de Mueren net ze vergiessen, well mëttwochs mueres kommen d'Drecksmännercher. De Papp flucht, d'Mamm klëmmt raus a geet an d'oppe Garage eng Schëpp an eng Biischt sichen, fir nees alles an d'Poubelle ze kréien. Dat geet nawell schéizeg, d'Mamm klëmmt nees eran, mä lo streikt dem Papp seng Commande, mat där een d'Paart elektresch zoumaache kann.

"D'Batterie ass eidel", erkläert den Norry iwwerem Bananne-Maufelen. "Dat weess ech och", grommelt de Papp a klortet nees raus, fir d'Paart mam Handgrëff zouzemaachen. "Hues de dem Norry d'Prüfung ënnerschriwwen?", rífft d'Mamm no, a schonns ass den Norry och nees dobaussen a seet zum Papp: "Déi läit nach uewenop, déi muss de nach ënnerschreiwien."

De Papp waart, bis den Norry mat der Prüfung kënn, zitt d'Paart zou, klëmmt bei d'Famill a setzt den Auto raus an d'Strooss, Direktioun Zentrum.

"Hues de da keng Batterie méi fir an däi Piiipert?", fret d'Mamm, an ouni eng Äntwert ofzewarden, seet se: "Ënnerschreif d'Prüfung direkt!, bei der Schoul hues de dat schonn nees

vergiess, an da kritt den Norry nees eng Strof." Si klëmmt nach eng Kéier raus, fir déi zwou Bananneschuelen an d'Poubelle ze geheien, souvill Zäit muss sinn, 't ass jo lo réischt hallwer aacht.

"Da gitt mer e Bic!", jéimert de Papp. D'Mamm, déi nees rakkëlmt, huet kee prett, mä den Norry fénnt een am Schoulsak; d'Ënnerschréft steet eenzock hannert der 46. Et sinn nëmmen dräi Kilometer bis an den Zentrum, mä fir an d'Stad ran ass ëm hallwer aacht bal ëmmer Stau, an de Mëttwoch mécht do keng Ausnahm.

Si kommen ongeféier mat zwanzeg an der Stonn virun, lauschteren iwwerdeems d'Neiegeketen, d'Wieder an och d'Situatioun op eise Strossen, an do mengt een um Radio, de Verkéier géif haut ganz normal lafen.

Op der Schoulauer ass et zéng vir aacht a ronderëm parken, schläichen, tuten a kéieren ongeféier honnertfofzeg Autoen, déi alleguerten e Jong oder e Meedchen an d'Schoul bruecht hunn oder bréngen. 't ass gutt, datt alt nëmmen e puer Schoulbussen drënnen sinn.

Den Norry spréngt mam Schoulsak am Grapp raus, mä och d'Mamm mengt, si géif de Rescht zu Fouss goen, da wier s'éischter um Büro, wéi wann de Papp se nach géif féieren. Dat ass haut och net fir d'éischt, de Papp seet näischt, a versicht ëmzedréien. Da's all Schouldag Mueren e Konschtstéck, an de Papp seet ëmmer "sou laang wéi ech dat nach kann, ouni en Accident ze bauen, si meng Reflexer o.k."

Ponkt aacht ass hien um grouse Parking. Bei him geet et op der Aarbecht net op fënnf Minutten un, 't ass also nach alles an der Rei. Beim Horodateur ass gottseidank och kee virun him, mä hie mierkt firwat: deen ass futti, kapott, ausser Betrieb, jiddefalls blockéiert schonn deen éischten Euro. Lo versteet hien, firwat beim Parkomat, eng fofzeg Meter méi wäit, zéng Leit an der Schlaang stinn. Hien hippt dohinner, seng Zéif péffert ëmmer méi.

Wéi e mam Parkschäin am Grapp endlech nees beim Auto ass, geet him e Stach duerch d'Häerz: Hien huet sech ausgespaart. D'Schlësele stieche brav bannen, mä d'Diere sinn zou, do hëlleft kee Rubbelen a kee Fluchen. Bei deene meeschten Autoen ass dat haut guer net méi méiglech, mä säin ass där awer nach keen. Den Norry an seng Mamm hunn him och schonn honnertmol gesot, hie soll sech en Handy kafen, eng Kéier bräicht en een, mä hien huet nach keen. Dat wier lo sou einfach: Seng Fra huet

"vum selwen"

deen zweete Schlëssel vum Auto ëmmer an hirer Posch. Hie géif senger Fra lo uruffen, se soll op de Parking kommen, mä sou, ouni Handy, lo brauch hien eng richtig Telefonscabine.

Där steet nach eng um aneren Eck vun deem grouse Parking. Also lass! Wat steet dann dodrop geschriwwen? D'Cabine géif nëmme mat enger Kaart funktionéieren an net mat Mënz. Wann een awer keng sou eng Telefonskaart huet? De Papp flucht, datt et schwaarz an der Luucht gëtt, den Norry an seng Mamm héieren et jo net. Et ass zwanzeg op aacht, eigentlech misst hie lo um Büro Bescheid soen, datt et eng Grëtz méi spéit gëtt.

Dat mam Schwaarz-an-der-Luucht-ginn ass guer net sou falsch, well iwwert der Stad hunn sech Wolleken zesummegezunn, déi soss näischt wëlles hunn, wéi lo gläich d'Waasser net méi ze halen. Am Auto leien zwee Präbblien, denkt de Papp. "Do leien se jo gutt!", grommelt hien.

Et gëtt nëmme méi eng Méiglechkeet: e puer honnert Meter zu Fouss ze goen. Do ass e Bistrot, deen ëm hallwer néng opmécht. Da rífft en ebe vun do der Mamm mam Schlëssel un an drénkt do e Kaffi bis se kënnt...

Muss ech lech lo nach verzielen, datt de Bistrot, deen "Um heemelegen Eck" heescht, mëttwochs säi fräien Dag huet? De Papp, deen am Schloreen op den "heemelegen Eck" zouhippt, gëtt et no zéng Minutte gewuer. Hie steet plätschnaass virun der zouener Dier – 't ass déi zweet Dier fir haut de Mueren – a weess, datt seng Zéif am Schong schwëllt, datt en de Schong misst ausdoen, an datt en deen duerno ni méi ukrit. An hie misst lo onbedéngt iergendanzwousch op d'Dëppen. Elo réischt mierkt en och, datt hien nach ëmmer de Parkziedel am Grapp huet, an datt deen ufänkt opzeweechen. Ganz gemittlech fiert e fonkelneie Bus laanscht, et setzt bal keen dran.

Looss mer hei ophalen. Iergendwéi wäert sech alles nees agerenkt hunn, well 't war e ganz normale Mëttwoch an der Mëtt vun enger ganz normaler Woch. An zum Här Miller mat der gebrachener Zéif sot den Dokter am Röntgenzëmmer op dësem Owend, als Trouuscht, souzeoen: "Kuckt an d'Zeitongen, et gëtt Schlëmmes."

Josy Braun

Théo Mey, 1952

"Si kommen ongeféier mat zwanzeg an der Stonn virun, lauschteren iwwerdeems d'Neiegkeeten, d'Wieder an och d'Situatioun op eise Strossen, an do mengt een um Radio, de Verkéier géif baut ganz normal lafen."

